



N°1992
Entrée le 28.02.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 03.03.2025
Chambre des Députés

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 28/02/2025

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Justiz weiderzeleeden.

Am Kader vu Geriichtsaffairen ass et oft onerlässlech, dass de Riichter op Evaluatiounen vun Expären muss zeréckgräifen, dorënner psychologesch oder psychiatresch Avis'en, déi d'mental Gesondheet vun enger am Prozess implizierter Partei analyséieren. Grad am Beräich vum Jugendschutz, wou de Kannerriichter d'Situatioun vun den Elteren a Kanner muss kënnen evaluéieren, sinn dës Rapporten ausschlaggebend.

Elo ass et esou, dass verschidde Rapporten, déi perséinlech Donnéeën iwwert een Elterendeel oder d'Kanner enthalen, net fir jiddereen zougänglech sinn, mol net der Persoun, iwwert déi de Rapport geschriwwen gouf. An engem Avis vun der Autorité de contrôle judiciaire, dee mer virläit, krut eng Persoun zum Beispill den Accès op ee Rapport, dee si betrëfft, verwehrt.

Et kann een natierlech dovunner ausgoen, dass d'Rapporten zu 100% alleguerten richteg sinn. Mee och Expären sinn nemme Mënschen an dës Rapporten kënnen och mol lückenhaft oder feehlerhaft sinn an net der Realitéit entsprechen. De Riichter an di implizéiert Parteien hunn natierlech ëmmer d'Méiglechkeet, fir weider komplementär oder géigesätzlech Expertisen unzufroen, fir esou ee méi komplett Bild vun enger Situatioun ze kréien.

D'Fro, déi sech stellt, ass déi, wéi eng Persoun, déi an engem Rapport eng defavorabel Analyse gemaach krit, sech dogéint wiere kann, wann si selwer mol net weess, wat am Rapport drasteet. Grad am Beräich vum Familljegeriicht, wou oft emotionale Sträit téschent de Parteien a vill Konfusioun herrscht, wier et wichtig, dass déi attackéiert Persoun Saachen, déi si betrëfft, kann agesinn.

An deem Zesammenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Wéi kënnen Elterendeeler an enger Geriichtsaffär, fir eng Expertise, déi si betrëfft a wou se mengen, dass de Rapport net richteg ass, dogéint virgoen?
2. Wéi gi feelerhaft Expertisen am Kader vu Geriichtsaffairen identifizéiert a korrigéiert?
3. Wéi oft kënnt et vir, dass ee Riichter d'Wouerhaftegkeet vun enger Expertise a Fro stellt an eng Géigenexpertise opstelle léisst, grad am Beräich vum Juge aux affaires familiales?



www.piraten.lu

4. Erhieft d'Justiz Zuelen dozou, wéi oft Expertisen am Kader vu wéi enge Prozeduren ugefrot ginn?
Falls nee, wat steet deser Datenerhiewung am Wee?
5. Sammelt d'Justiz Zuelen dozou, wéi vill Expertisen pro Geriichtsaffair realiséiert goufen?

Mat déiwem Respekt,



GOERGEN Marc
Deputéierten

